# Europa brauch e STAARKT HÄERZ

LSAP




## MAT HÄERZ FIR EUROPA:

Europa, dat ass Fridden, Sécher-heet a Fräiheet

## E SOZIAL GERECHT EUROPA GËTT ET NËMME MAT EIS!

Eis Iddien a Propositiounen

## EIST HÄERZ SCHLÉIT FIR EUROPA:

Eis Kandidat:inne fir eng gutt a staark Zukunft

For information in other languages:
***SCAN THE QR-CODES ON THE BACK COVER***



**Sozial, staark, mënschlech.**

# EUROPA dat ass Fridden, Sécherheet a Fräiheet!

**Sinn d'Europawale wichteg?**

***Danielle Filbig:*** Immens wichteg! Wann ech kucke wat de Moment alles an der Welt lass ass, Kricher, Krisen, Aarmut, Erausfuerderunge wéi de Klimawandel. Wa mir do net zesummenhalen als Europa, fäerten ech, datt mir dat net packen.

***Marc Angel:*** Mir dierfen ni vergiessen: Europa ass e Friddensprojet, deen eis Fräiheeten an eise Wuelstand zënter bal 75 Joer geséchert huet. Europa ass déi eenzeg Äntwert, déi eenzeg Solutioun fir eng gutt Zukunft.

**Ëmmer méi Leit zweifelen awer un Europa... wat maache fir dergéint unzekommen?**

***Marc Angel:*** Mir mussen eis de konservativen a rietse Populisten, déi mat hire Ligen an hirem Egoismus probéieren eist Europa futti ze maachen, an de Wee stellen. Mir musse weisen, datt et falsch ass, den Extremisten hannendrun ze lafen, an de Courage fir eis eegen, oppe Politik hunn. Dës Leit splécken d'Gesellschaft, splécken Europa. Duerfir kämpfe mir fir e géeenten Europa. Fir Lëtzebuerg ass dat enorm wichteg – mir wäre jo richteg ausgeliwwert wann all Land eenzel géif decidéieren. An et ass och eng Assurance fir de Fridden: nëmmen zesummen si mir staark!

***Danielle Filbig:*** Wa mir aus dem Europa vum Business en Europa fir d'Leit maachen, da gleewen d'Leit och erëm drun. Domadde huele mir de Géigner vun Europa d'Waasser vun der Millen, mir mussen de Leit weisen datt et och anescht geet, an datt mir si net vergiess hunn.

**Wat ass dat dann, "en Europa fir d'Leit"?**

***Danielle Filbig:*** Dat ass en Europa dat de Leit hir Suergen eescht hëlt. Dat sech méi ëm d'Mënsche këmmert, a manner ëm Wirtschaftsliberalismus. Dat ass en Europa dat säin ëffentlechen Déngscht stäerkt, fir esou Chancëgerechtegkeet ze garantéieren: Aarbecht, Gesondheet, Bildung, Wunnen, Mobilitéit, Famill – dat ass de Leit hiert Liewen, do kann Europa weisen, wat et kann a firwat et esou wichteg ass.

***Marc Angel:*** Dat ass e soziaalt Europa mat enger staarker Wirtschaft, fir datt et eiser Gesellschaft gutt geet. Mee dat ass awer och eng Wirtschaft, déi fir de Mënsch, a net de renge Profit, schafft, dat ass eng sozial Ëmverdeelung, fir datt all Mënsch anstänneg liewe kann. Kuerz gesot, ass et en Europa dat sech ëm d'Leit këmmert.

**En Europa dat sech këmmert, an an engems déi grouss Chantiere wéi d'Ëmstellen op eng nohalteg Wirtschaft, d'Reduktioun vu fossiller Energie oder nach d'Reguléierung vun der Digitalisatioun an der Roboteraarbecht muss ugoen? Ass dat machbar?**

***Marc Angel:*** Dat ass net nëmme machbar, dat muss zesummen ugepaakt ginn. Vill Leit fäerten iwwerrullt ze gi vun den Neierungen, fäerten ewech ze fuere well se sech et net leeschte kënnen, matzehalen. Déi Suergen an Ängschten huele mir Eescht. Mir wäerten d'Leit an dëser Transitioun ënnerstëtzen a sécherstellen, dass keen op der Streck bleift. Europa kann a muss de Leit weisen a beweisen, datt dës Changementer eng Chance sinn, fir e bessert Liewe muer ze hunn.

***Danielle Filbig:*** Et ass meng Generatioun, an déi vun duerno, déi an der Welt vu muer muss liewen. Mee meng Generatioun sëtzt net mat um Dësch, wann decidéiert gëtt wat muss gemaach ginn, oder, wéi et de Moment leider de Fall ass, wat elo awer net gemaach gëtt. All Mënsch weess datt de Planéit brennt, datt mir eppes mussen ënnerhuelen, mee d'Initiative ginn ausgebremst, ofgeschwächt, mir gesinn et jo hei zu Lëtzebuerg wou d'Regierung seet "Naturschutz dierf net nerven" Dat ass schlechte Wëllen. Well et ass méiglech, Ëmwelt-, Wirtschafts- a Sozialpolitik zesummen ze denken. Wa mir dat fäerdeg bréngen, da kréie mir d'Leit och iwwerzeegt matzemaachen, da kréie mir hinnen d'Angscht ewech geholl.

**An d'Sozialiste kënnen dat?**

***Danielle Filbig:*** Jo. All soziale Fortschrëtt, zu Lëtzebuerg an an Europa ass duerch d'Sozialisten erreecht ginn. Mir hu laang mussen zu Lëtzebuerg fir de Mindestloun kämpfen, éier en nom Krich endlech agefouert gouf. Haut ass et e Lëtzebuerger Sozialist, den EU-Kommissär Nicolas Schmit, deen dat op europäeschem Niveau fäerdeg bruecht huet. Mir wësse wéi sozial Gerechtegkeet geet. A sozial Gerechtegkeet ass d'Basis fir e gutt Zesummeliewen an der Gesellschaft an an Europa.

***Marc Angel:*** An engem räichen Europa – dat mir sinn – ass Aarmut inakzeptabel. Sech ëm d'Leit këmmeren heescht och garantéieren, datt déi Eng net op de Käschte vun deenen Anere liewen. Zemol an dësen Zäite vum permanente Wandel ass dat enorm wichteg, datt all Mënsch matgeholl gëtt. Dat gëllt fir d'Wirtschaft an de soziale Volet, mee dat gëllt och fir all Eenzelnen – duerfir si mir ferm géint all Form vun Diskriminatioun a Rassismus. Nëmmen en oppent Europa garantéiert Sécherheet an domadden eis Fräiheeten.





## *Danielle FILBIG*

**26 Joer – Wunnt zu Hueschtert (Gemeng Rammerech)**
**Gemengeconseillère, Enseignante, Master a Politikwëssenschafte mat Schwéierpunkt Friddens- a Konfliktfuerschung**

***MÄIN IDEAALT EUROPA A 4 WIERDER:***
Gerecht, Demokratesch, Fräiheet, Progressiv.

***FIRWAT ECH MAT AN D'EUROPAWALE GINN:***
Fir eng staark sozial a virun allem jonk Stëmm ze vertrieden, wat an dëse Zäiten ëmsou méi wichteg ass.

***WANN ECH NET POLITIK MAACHEN, MAACHEN ECH AM LÉIFSTEN...***
...Sport: Basket, Crossfit, Lafen

***WANN ECH EN ZAUBERSTAF HÄTT, GÉING ECH...***
...alleguer d'Ongläichheeten an d'Kricher op der Welt ewech zauberen.

***MÄI LIEWENSMOTTO***:
Alles wat geschitt, geschitt aus engem Grond, an aus all Néierlag léiert een.

## *Marc ANGEL*

**61 Joer – Wunnt an der Stad**
**Vizepresident vum Europaparlament, Europadeputéierten vun der LSAP, Diploméierten Iwwersetzer**

***MÄIN IDEAALT EUROPA A 4 WIERDER:***
Sozial-gerecht, Nohalteg, Demokratesch an Innovativ.

***FIRWAT ECH MAT AN D'EUROPAWALE GINN:***
Aus Passioun, fir de Projet Europa weider ze entwéckelen a fir en de Mënsche méi no ze bréngen.

***WANN ECH NET POLITIK MAACHEN, MAACHEN ECH AM LÉIFSTEN...***
...kachen fir Famill a Frënn, schwammen an am Gaart piddelen!

***WANN ECH EN ZAUBERSTAF HÄTT, GÉING ECH...***
...de Wunnengsproblem zu Lëtzebuerg an an Europa léisen, fir datt all Mënsch en Daach iwwer sengem Kapp huet an en éierbaart Liewe féiere kann.

***MÄI LIEWENSMOTTO***:
Ni opginn an ëmmer no vir kucken.



## Liz BRAZ

**27 Joer – Wunnt zu Esch-Uelzecht**
**Deputéiert & Gemengeconseillère, Juristin**

***„Ech wëll d'Liewenskonditioune vun de Bierger:inne verbesseren an hir Rechter stäerken. Well nëmme wann et de Leit gutt geet, geet et och Europa gutt.“***

Iwwerall an Europa versiche rietspopulistesch a national-konservativ Kräften d'Rad vun der Geschicht zréckzedréinen. Dat wëlle mir net. Mir wëllen en Europa ouni Diskriminatioun, dat déi schaffend Leit schützt, d'Aarmut bekämpft an eise Kanner e gutt Liewe bitt. En Europa vun der Chancë-gerechtegkeet. Nëmmen e soziaalt gerecht Europa huet eng Zukunft an ass en Europa dat viru kënnt.

**Mat ärer Stëmm brénge mir Europa an déi richteg Richtung: en Europa mat Häerz. An dat ass bekanntlech rout.**

## Mars DI BARTOLOMEO

**71 Joer – Wunnt zu Diddeleng**
**Deputéierten, fréiere Chamberpresident & Minister, Journalist**

***„Ech setze mech a fir en Europa dat sech ëm d'Mënsche këmmert, e solidarescht Europa dat fir all Mënsch do ass, en Europa dat net spléckt, mee d'Leit zesummebréngt.“***

E staarkt Europa brauch e staarken an effikassen ëffentlechen Déngscht. Well nëmmen en Europa mat engem staarke Service Public huet d'Moyene fir sech ëm d'Leit ze këmmeren. Esou kann Europa sengen Awunner:innen universellen Zougang zu Medezin an Educatioun, d'Recht op eng dezent a bezuelbar Wunneng, engem staarke Pensiounssystem an eng performant Sozialversécherung garantéieren.

**Ech wëll en Europa dat senge Bierger:innen hir Suergen eescht hëlt.**





## Nicolas SCHMIT

**Spëtzekandidat vun den europäesche sozialistesche Parteie fir de President vun der Europäescher Kommissioun,**

**70 Joer – Wunnt zu Bäerdref**
**EU-Kommissär fir Aarbecht a sozial Rechter, fréiere Minister**

***"Eist Land huet vill zum europäesche Projet bäigedroen an ëm vill ze verdanken."***

Als EU-Kommissär hunn ech dat Soziaalt an Europa gestäerkt, ë.a. duerch en europäesche Standard fir Mindestléin a fair Aarbechtsbedéngunge fir Plattformaarbechter. Well d'Kanneraarmut am räichen Europa inakzeptabel an awer vill ze grouss ass, setzen ech mech duerfir an, datt all Kand an Europa ee garantéierten Accès zu Grondservicer wéi Educatioun oder Gesondheetsversuergung huet.

## *Franz FAYOT*

**52 Joer – Wunnt an der Stad**
**Deputéierten & fréiere Minister, Jurist**

***„Ech wëll en Europa dat seng Wirtschaftspolitik nei erfënnt fir eng Virreiderroll an der Welt ze spillen. Ech wëll, datt Nohaltegkeet Deel vun eisem dagdeegleche Liewe gëtt.“***

Fir de Wuelstand fir all Mënsch ze assuréieren, brauche mir en nohaltegt a soziaalt Europa mat enger staarker Ekonomie. Duerfir muss Europa seng Betriber ënnerstëtzen an hinnen hëllefen, nei Weeër ze goen.Europa muss och gerecht sinn. Mir solle vun den Transitioune profitéieren, fir datt se jidderengem déi selwecht Chancen erméiglechen.

**E staarkt Europa dat zesummenhält ass déi eenzeg Äntwert op d'Krise vun haut an d'Erausfuerderunge vu muer!**





## *Michaela MORRISOVA*

**29 Joer – Wunnt an der Stad**
**Parlamentaresch Mataarbechterin, Master a Politikwëssenschafte mat Schwéierpunkt Europa, Co-Presidentin vun de Jonk Sozialisten Zentrum & Sekretärin vun der LSAP Zentrum**

***„Ech hunn d'Visioun vun engem Europa an deem jiddereen un der Gesellschaft deelhëlt, wou jiddereen déi selwecht Rechter a Chancen huet.“***

Déi grouss Erausfuerderunge kënnen nëmmen zesumme geléist ginn: Migratioun, Klimatransitioun, d'Stäerke vun eiser Ekonomie, de Konsumenteschutz... Dofir brauche mir Europa. Bei dësen Europawale geet et ëm d'Zukunft vun der jonker Generatioun an deenen duerno. Dofir ass et besonnesch wichteg, datt progressiv Jonker am Europaparlament vertruede sinn. **Well et ass hir Welt vu muer, déi mir haut decidéieren.**

**Europa steet virun immensen Erausfuerderungen:** Klimakris, Krich un eise Grenzen, Konkurrenz aus China an Amerika an d'Präisdeierecht. Op all déi Erausfuerderungen ass ee soziaalt, demokratescht an nohaltegt Europa déi eenzeg Äntwert – eis Äntwert. Als President vun der Europäescher Kommissioun sinn ech prett dës Erausfuerderunge mat der richteger Politik unzehuelen, mat ë.a. enger ambitiéiser Industriepolitik a massiven Investissementer fir eis Aarbechter a Betriber.

**Mat denger Stëmm fir d'LSAP den 9. Juni kanns Du de President vun der Europäescher Kommissioun bestëmmen, an Dech fir ee soziaalt, demokratescht an nohaltegt Europa asetzen. En Europa mat Häerz.**

## *Eng Stëmm fir d'LSAP ass eng Stëmm fir ee Lëtzebuergesche President vun der Europäescher Kommissioun.*

LSAP-Parteizentral, 68, rue de Gasperich, L-1617 Luxembourg;
Fotoen: LSAP, unsplash, iStock

# D'Lëscht 3 fir Europa!

***Europa ass e Friddensprojet. Europa ass déi eenzeg valabel Äntwert op all d'Erausfuerderunge vun haut a vu muer. Klimawiessel, Lieweskäschten, Gesondheet, sozial Sécherheet – nëmmen zesumme bréngé mir dat fäerdeg.* Mir wëllen en Europa, wou eis Kanner frou an a Sécherheet opwuesse kënnen. Duerfir ass et un eis, d'Zukunft vun Europa ze gestalten: de Fridde sécheren, eng nohalteg Ëmweltpolitik ugoen, d'Wirtschaftsunioun fair gestalten, sozial Sécherheet a Chancëgerechtegkeet garantéieren. En Europa mat Häerz, dat sech ëm d'Mënsche këmmert.**

## DE MËNSCH AM HÄERZ VUN ENGEM SOZIALEN EUROPA



***Eis Welt ass am Wandel. Dëse Wandel ass eng Chance fir nei Weeër ze goen an nei Méiglechkeeten ze schafen.***

Duerfir brauche mir e soziaalt a solidarescht Europa, dat déi néideg Transitiounen an Transformatioune gerecht ëmsetzt. En Europa mat sécheren Aarbechtsplazen, gudden Aarbechtskonditiounen, gerechte Salairen, engem faire Steiersystem, staarke Sozialversécherungen an enger gereegelter Digitalisatioun vun der Aarbechtswelt. En Europa, an deem et ëm de Mënsch geet.




***D'Klimakris ass e Fakt. Mir mussen d'Äerderwäermung bremsen an d'Konsequenze vun de klimatesche Verännerunge miniméieren, well et steet vill um Spill.***

Et geet drëms fir eise Kanner a Kandskanner eng gutt Zukunft ze bidden andeem mir de Fridden an d'Sécherheet op eisem Planéit sécheren. Mir brauchen duerfir eng sozial-ekologesch Transitioun, mat enger gerechter a solidarescher Opdeelung vun den néidegen Efforten. Duerfir ass de Klimawandel eng Prioritéit. Eist Europa ënnerstëtzt duerfir déi Leit a Familljen, déi sech dës Transitioun soss net leeschte kënnen.
De Mënsch muss ëmmer am Mëttelpunkt stoen.

***D'Digitalisatioun an d'Klimatransitioun bidde grouss Chancë fir déi europäesch Ekonomie, ë.a. duerch nei qualitativ héichwäerteg Aarbechtsplazen oder eng nohalteg well méi circulair Wirtschaft.***

Fir d'Autonomie vun der europäescher Wirtschaft ze garantéieren an eng Virreiderroll an der Welt ze hunn, musse mir elo nei Weeër goen, eis nei erfannen. Mir wëllen duerfir eng nei, offensiv a nohalteg Industrie- a Wirtschaftspolitik mat enger klorer Strategie fir d'Dekarboniséierung a fir d'Energieversuergung. Mir ënnerstëtzen eng Wirtschaft, déi am Déngscht vun de Mënsche steet.





# EN EUROPA MAT HÄERZ DAT SCHÜTZT A GESTALT

***E staarke Service public, den universellen Zougang zu enger qualitativ héichwäerteger Gesondheetsversuergung an d'Recht op Bildung an eng anstänneg Wunneng sinn elementar fir eng gerecht Gesellschaft.***

Mir wëllen effikass ëffentlech Servicer, déi sech ëm d'Mënsche këmmeren. Well ouni e staarken ëffentleche Service funktionéiert eis Gesellschaft net! Eng Gesellschaft, déi sech ëm all hir Bierger:inne këmmert – zemools ëm hir jonk an hir eeler Matbierger:innen, an natierlech all déi Leit, déi op Hëllef oder Ënnerstëtzung ugewise sinn. En Europa, deem säin Häerz fir de Mënsch schléit.

***Europa ass fir all seng Bierger:innen do. Mir wëllen en Europa, wou all Mënsch gutt zesumme liewe kann, ouni Diskriminatioun oder Rassismus.***

En Europa mat Chancëgerechtegkeet an Zukunftsperspektive fir all Mënsch. Mir wëllen en Europa dat divers, inklusiv, feministesch an oppen ass. Nëmme mat engem fortschrëttlechen Europa hu mir eng Zukunft, well nëmmen esou kënne mir eis Fräiheeten an eis Demokratie garantéieren. En Europa vun de Wäerter, an deem et ëm de Mënsch geet.







***D'EU ass e Friddensprojet fir Fräiheet a Wuelstand fir all Mënsch. Eng staark europäesch Stëmm an enger komplizéierter a vu Krise markéierter Welt ass batter néideg, an nëmme mat enger staarker EU méiglech.***

E selbstbewosst Europa ass noutwendeg an dësen Zäiten, wou riets a konservativ Politiker:innen an Organisatiounen Europa net nëmmen a Fro stelle, mee esouguer futti wëlle maachen. Duerfir brauche mir e staarkt a gëeenten Europa, en onofhängegt a selbstbewossten Europa mat enger gemeinsamer Sécherheets- a Verdeedegungspolitik. En Europa dat sech op allen Niveaue fir de Fridden an enger gerechter Welt asetzt. E staarkt Europa, dat sech fir d'Mënschen asetzt.



***Eis Iddien op ee Bléck***




**E soziaalt Europa!**

Mir bekämpfen d'Aarmut an Europa, a suergen duerfir, datt et all Mënsch gutt geet: **sécher Aarbechtsplazen – gerecht Salairen – e gerechte Steiersystem – staark Sozialversécherungen a Renten**

**E nohaltegt Europa!**

Mir bekämpfen aktiv d'Äerderwäermung, a suergen duerfir, datt et net d'Bierger:inne sinn, déi duerfir bezuele mussen: **effektiven Ëmwelt- a Naturschutz – Reduktioun vun den Zäregasen – konkret Ënnerstëtzung fir d'Leit**

**E staarkt Europa!**

Mir ginn nei Weeër an der Wirtschafts- an Industriepolitik, a suergen duerfir datt d'Betriber begleet an ënnerstëtzt ginn: **Färderung vun der Kreeslafwirtschaft – Subside fir Investitiounen – Regulatioun vun der Digitalisatioun**

**E gerecht Europa!**

Mir wëllen Zukunftsperspektive fir all Mënsch, a suergen duerfir, datt et eng richteg Chancëgerechtegkeet gëtt: **abordabele Wunnraum – ëffentlech Gesondheetsversuergung – Recht op Bildung – méi ëffentlechen Transport**

**E mënschlecht Europa!**

Mir bekämpfen all Form vun Diskriminatioun a Rassismus a suergen duerfir, datt eis Fräiheet an eis Grondrechter gestäerkt ginn: **Rechter vu Leit mat Behënnerung – Gläichstellung vu Mann a Fra – LGBTIQ Rechter – Pressefräiheet – géint Riets**

**E séchert Europa!**

Mir wëllen de Fridde garantéieren, a suergen duerfir, datt Europa staark a gëeent bleift: **europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik – Mënscherechter – Konfliktpreventioun – Solidaritéit**

**EN EUROPA MAT HÄERZ, DAT SECH ËM D'MËNSCHE KËMMERT, GËTT ET NËMME MAT EIS. LSAP – LËSCHT 3! #EUROPAHÄERZ**

Eis Iddien *op ee Bléck*

Unsere Ideen auf *Deutsch*

Nos idées en *français*

Nossas ideias em *português*

Our ideas in *English*